N°2112
Entrée le 19.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Op Social Media ass ee Post ze gesinn, op deem eng Awunnerin zu Luerenzweiler op d'Situatioun der Zuchbarrière an der Rue de l'Alzette opmierksam mécht. D'Barrière wier reegelméisseg zou an an deem Fall kommen d'Awunner hannert der Barrière net méi op déi aner Stroossesäit. Deen eenzeg gepléischterte Wee eraus féiert iwwert d'Vëlospisten hannerem op Hënsdref. Wéi een aneren Notzer erkläert, ass dat de Fall, wann ee lokale Schantje vun den CFL op där Plaz waren an den Automatikbetrieb vun der Barrière bis op Weideres annuléiert gëtt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch bestätegen, dass d'Barrière op dëser Plaz an der leschter Zäit reegelméisseg gespaart war?
2. Wéi kommen d'Rettungsdéngschter op d'Plaz, wann d'Barrière zou ass?
3. De Passage à niveau soll an Zukunft ewechgeholl ginn*(Nouvelle liaison Lorentzweiler – Hunsdorf Suppression du Passage à niveau PN20b)*. Wéini wäerten d'Aarbechten viraussichtlech ofgeschloss sinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten